



Lenneng
Kanech

Gemengebuet

01

2020

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 13 MAI 2020


GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 13. MEE 2020

Administration Communale

16, rue de l'École L-5414 Canach
Tél. : 35 97 35 - 1 Fax: 35 97 36
secretariat@lenningen.lu
www.lenningen.lu

Heures d'ouverture

Lundi - Vendredi: 08h00 - 12h00 et 13h30 - 16h30



Arnold Rippinger

college_echevinal@lenningen.lu



Bourgmestre

- Organisation des services communaux et du personnel communal
- Dialogue avec les citoyens et intégration
- Finances communales
- Plan d'aménagement général et développement urbain
- Fusion des communes
- Service d'incendie et de sauvetage

Buergermeeschter

- Verwaltung vun de Gemengeservicer a vum Gemengepersonal
- Kommunikatioun mat de Matbierger an Integratioun
- Gemengefinanzen
- Bauperimeter an Entwécklung vun der Gemeng
- Gemengefusiounen
- Pompjeeën a Rettungswiesen

Josiane Bellot

college_echevinal@lenningen.lu



1^{re} Échevine

- École fondamentale et structures d'accueil
- Jeunesse, 3^e âge et culture
- Environnement & embellissement des villages

1. Schäffin

- Grondschool an Opfaangstrukturen
- Jugend, 3. Alter a Kultur
- Natur, Ëmwelt & Verschéinerung vun den Uertschaften

Marc Thill

college_echevinal@lenningen.lu



2^e Échevin

- Budget communal
- Circulation et mobilité douce
- Sports & associations locales

2. Schäffen

- Gemengebudget
- Verkéier & „Mobilité douce“
- Sport & Veräiner



Léif Matbiergerinnen, léif Matbierger,

No enger laanger Paus, bedéngt duerch d'COVID-19 Pandemie, si mir frou lech matzedeelen, dass mir mat enger neier Gemengerotssitzung nees do sinn.

Mir hoffen, Dir waart während dem Lockdown zefridde mat eisem Akafservice an dem Verdeele vun de Masken duerch eist Gemengepersonal.

E grouse Merci och un all Eenzele vun lech, fir déi grouss Solidaritéit an äert Engagement während de leschte Méint.

Normalerweis hätte mir den 23. Juni all zesammen eisen Nationalfeierdag gefeiert.

Och wann dat dëst Joer an d'Waasser gefall ass, hoffe mir, dass mer lech mat eiser Titche mat Schneekereien an enger gudder Fläsch Schampes eng kleng Freed konnte maachen.

Vive onse Groussherzog a prost op eng besser zweet Hallschent vum Joer 2020.

**Äre Schäfferot vun der Gemeng Lenneng
M. Arnold Rippinger, Mme Josiane Bellot,
M. Marc Thill**

Chères concitoyennes, chers concitoyens,

Après une longue absence due à la pandémie de COVID-19, nous sommes heureux de vous annoncer notre retour avec une nouvelle séance du Conseil Communal.

Nous espérons que vous avez apprécié notre service d'achats et la distribution de masques par le personnel de notre commune pendant la période de confinement.

Nous tenons également à tous vous remercier pour la solidarité et l'engagement dont vous avez fait preuve ces derniers mois.

En temps normal, nous aurions célébré tous ensemble notre Fête Nationale le 23 juin.

Même si cette année ce rendez-vous est tombé à l'eau, nous espérons que la bonne bouteille de champagne et les friandises vous aient plu.

Vive le Grand-Duc et trinquons à un meilleur second semestre en 2020.

**Votre Collège Échevinal de la Commune de Lenneng
M. Arnold Rippinger, Mme Josiane Bellot,
M. Marc Thill**

Présents: Arnold Rippinger, bourgmestre; Josiane Bellot, Marc Thill, échevins;
Robert Back, Raymond Detail, Daniel Gillen, Claude Leuck, conseillers communaux

Excusés: Daniel Hoffmann

1. Transfert du lieu de réunion du Conseil Communal

Le Conseil Communal a approuvé à l'unanimité la décision de transférer à partir du 13 mai 2020, et ceci dans le respect des consignes et directives gouvernementales en vigueur durant la phase de la lutte contre le COVID-19, le lieu de réunion du Conseil Communal de la Commune de Lenningen de la cave voutée du Centre Culturel et Sportif « A Wëllems », local sis à Canach à une distance de ±50 mètres de la maison communale, dans la salle de réunion se trouvant au 1^{er} étage du même bâtiment et ceci jusqu'à avis contraire.

2. Approbation des délibérations du 12 décembre 2019

Le Conseil Communal a approuvé à l'unanimité les délibérations du 12 décembre 2019.

3. Approbation de titres de recette

Le Conseil Communal a approuvé à l'unanimité des titres de recette des services ordinaire et extraordinaire de l'exercice 2019 aux montants de 66.235,70 EUR.

4. Approbation de l'état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2019

Après les explications du receveur communal, le Conseil Communal a décidé à l'unanimité des membres présents, d'admettre

1. Verleeë vum Versammlungsuert vum Gemengerot

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, vum 13. Mee 2020 un, an dat ënner Berücksichtigung vun de gültege Regierungsvirschrëften a -richtlinne während dem Kampf géint COVID-19, de Versammlungsuert vum Gemengerot vun der Gemeng Lenneng aus dem Verwelleftekeller vum Kultur- a Sportzenter „A Wëllems“, enger Raimlechkeet zu Kanech ±50 Meter vum Gemengenhaus ewech, an de Sëtzungssall um éischte Stack vum selwechte Gebai ze verleeën, an zwar bis eng aner Entscheidung getraff gëtt.

2. Unhuele vun de Beschläss vum 12. Dezember 2019

De Gemengerot huet d'Beschläss vum 12. Dezember 2019 eestëmmeg ugeholl.

3. Bewëllege vun de Recetten

De Gemengerot huet Recettë vum Exercice 2019 vum Service ordinaire a Service extraordinaire mat engem Betrag vun 66.235,70 EUR eestëmmeg bewëllegt.

4. Bewëllege vun den iwwrege Recetten, déi beim Ofschloss vum Exercice 2019 nach ausstinn

No den Erklärunge vum Gemengereceveur hunn d'Membere vum Gemengerot déi present sinn eestëmmeg beschloss, Folgendes guttzeheeschen

Service ordinaire		
À poursuivre:	55.701,30 €	Weiderverfolgen:
En décharges:	421,24 €	Entlaascht:
Total:	56.122,54 €	Total:

5. Fixation nouvelle de l'indemnité de perte de caisse

Le Conseil Communal a approuvé à l'unanimité d'allouer suivant règlement avec effet rétroactif au 1^{er} janvier 2020, une indemnité de perte de caisse annuelle au montant de 59,49 EUR, n.i. 100, au receveur communal.

L'ancienne perte de caisse était de l'ordre de 49,578 EUR, n.i. 100.

L'augmentation est due au fait que la commune compte plus de 2.000 habitants.

5. Neit Festleeë vun der Entschiedegung fir Keessverloschter

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, ewéi vun der Reegelung virgesinn, réckwierkend op den 1. Januar 2020 dem Gemengereceveur eng järelech Kompensatioun fir Keessverloschter mat engem Betrag vun 59,49 EUR, n.i. 100, ze bewëllegen.

De fréiere Keessverloscht louch bei 49,578 EUR, n.i. 100.

D'Erhéijung ass dorop zeréckzeféieren, datt d'Gemeng méi ewéi 2.000 Awunner zielt.

6. Approbation des plans et du devis relatif au redressement de la « rue de l'Église » et des alentours de la nouvelle maison communale

Le Conseil Communal a décidé à l'unanimité d'approuver les plans d'exécution et le devis estimatif au montant total de 904.039,95 EUR (T.V.A. comprise) établis en date du 5 mai 2020 par le bureau d'études Zeyen+Baumann S.à r.l., concernant le redressement de la « rue de l'Église » et des alentours de la nouvelle maison communale à Canach.

7. Fixation des taux multiplicateurs de l'impôt foncier pour l'exercice 2021

Le Conseil Communal a décidé à l'unanimité de maintenir les taux communaux de l'impôt foncier pour l'exercice 2021.

Impôt foncier A (propriétés agricoles):	240 %
Impôt foncier B1 (constructions industrielles et commerciales):	360 %
Impôt foncier B2 (constructions à usage mixte):	240 %
Impôt foncier B3 (constructions à autres usages):	120 %
Impôt foncier B4 (maisons unifamiliales et maisons de rapport):	120 %
Impôt foncier B5 (immeubles non bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation):	240 %
Impôt foncier B6 (terrains à bâtir à des fins d'habitation):	240 %

8. Fixation du taux multiplicateur de l'impôt commercial communal pour l'exercice 2021

Le Conseil Communal a décidé à l'unanimité de maintenir le taux multiplicateur en matière d'impôt commercial communal à 300 % pour l'année d'imposition 2021.

9. Approbation d'un décompte de travaux

Le Conseil Communal a approuvé à l'unanimité le décompte définitif de travaux extraordinaires du projet « rue Winkel » et « rue de l'École » au montant total de 1.427.191,68 EUR (T.V.A. comprise) établi par le bureau d'études Schroeder & Associés.

10. Adhésion au syndicat intercommunal à vocation multiple dénommé S.I.A.S.

Le Conseil Communal a approuvé à l'unanimité l'adhésion de la Commune de Lenningen au syndicat intercommunal à vocation multiple dénommé S.I.A.S. ayant pour objet la protection et la conservation de la nature et des ressources naturelles.

6. Bewëllege vun de Pläng an dem Devis am Zesammenhang mat der Sanéierung vun der „rue de l'Église“ an der Émgéigend vum neie Gemengenhaus

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Ausféierungspläng an d'Käschterechnung mat engem Gesamtbetrag vun 904.039,95 EUR (inkl. T.V.A.), déi de 5. Mee 2020 vum Ingenieurbüro Zeyen+Baumann S.à r.l. am Híbléck op d'Neigestaltung vun der „rue de l'Église“ an der Émgéigend vum neie Gemengenhaus zu Kanech erstallt goufen, ze bewëllegen.

7. Festleeë vum Grondsteiersaz fir d'Joer 2021

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Grondsteiersaz fir d'Joer 2021 bäizebehalen.

Grondsteier A (Bauerewiesen):	240 %
Grondsteier B1 (Industrie- an Handelsgebaier):	360 %
Grondsteier B2 (gemëscht genotzt Gebaier):	240 %
Grondsteier B3 (anescht genotzt Gebaier):	120 %
Grondsteier B4 (Eefamilljenhaiser a Residencen):	120 %
Grondsteier B5 (net bebaut Terrainen déi keng Bauplaze fir Wunnzwecker sinn):	240 %
Grondsteier B6 (Bauplaze fir Wunnzwecker):	240 %

8. Festleeë vum Gewerbesteiersaz fir d'Joer 2021

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, de Gewerbesteiersaz vun 300 % fir d'Steierjoer 2021 bäizebehalen.

9. Bewëllege vun enger Ofrechnung fir geleescht Aarbechten

De Gemengerot huet eestëmmeg d'Schlussrechnung fir geleescht ausseruerdentlech Aarbechten am Kader vum Projet „rue Winkel“ a „rue de l'École“ bewëllegt, mat dem Gesamtbetrag vun 1.427.191,68 EUR (inkl. T.V.A.), déi vum Ingenieurbüro Schroeder & Associés ausgestallt gouf.

10. Bäitritt zum Méizwecksyndikat S.I.A.S.

De Gemengerot huet eestëmmeg de Bäitritt vun der Gemeng Lenneng zum Méizwecksyndikat S.I.A.S. beschloss. Dëse Syndikat huet als Zweck de Schutz an d'Erhale vun der Natur an de natierleche Ressourcen.

11. Approbation des statuts modifiés du syndicat intercommunal à vocation multiple dénommé S.I.A.S.

Le Conseil Communal a décidé à l'unanimité d'approuver les nouvelles dispositions statutaires, telles qu'elles ont été arrêtées par le Comité du S.I.A.S. en sa séance du 6 février 2020.

12. Approbation d'un procès-verbal de réception ayant pour objet l'aménagement d'un chemin forestier au lieu-dit « Haard » à Canach (phase 2)

Le Conseil Communal a approuvé à l'unanimité le procès-verbal de réception ayant pour objet l'aménagement d'un chemin forestier au lieu-dit « Haard » à Canach (phase 2) au montant total de 53.679,81 EUR, tel que ce dernier a été établi par l'Administration de la nature et des forêts et dont la participation étatique à allouer en contrepartie à la Commune s'élève à 42.943,85 EUR.

13. Modification ponctuelle du règlement général de police communal

Le Conseil Communal a décidé de modifier l'article 10 du règlement général de police de la Commune de Lenningen du 16 mai 2017 comme suit:

Art. 10.-

« Il est en règle générale défendu de faire usage de pétards et/ou d'autres objets détonants sur le territoire de la Commune de Lenningen.

Le bourgmestre peut toutefois autoriser des activités similaires, sur demande spécifique et motivée, à l'occasion de fêtes publiques ou privées.

La demande en question, afin d'être recevable, doit obligatoirement parvenir à l'Administration Communale au moins 30 jours avant la date de l'événement projeté et ce sous forme écrite. »

14. P.A.P. « rue Hiel » à Canach-fixation de l'indemnité compensatoire

Le Conseil Communal a décidé à l'unanimité, complémentairement à sa décision initiale du 5 mars 2018, de renoncer dans le cadre du projet d'aménagement particulier « rue Hiel » à Canach à une indemnité compensatoire pour la surface inférieure au quart, la Commune se trouvant dans l'impossibilité d'acquérir des terrains à proximité du P.A.P. en vue d'y réaliser des travaux prévus à l'article 3, alinéa 2, de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain ou de financer d'autres mesures urbanistiques dans l'intérêt du P.A.P. visé.

11. Unhuele vun de geännerte Statute vum Méizwecksyndikat S.I.A.S.

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Bestëmmunge vun de Statuten, esou wéi se vum Comité vum S.I.A.S. a senger Sëtzung vum 6. Februar 2020 festgehale goufen, unzehuelen.

12. Geneemegung vun engem Protokoll iwwer d'Ariichtung vun engem Bëschwee am Fluernumm „Haard“ zu Kanech (Phas 2)

De Gemengerot huet de Protokoll iwwer d'Ariichtung vun engem Bëschwee am Fluernumm „Haard“ zu Kanech (Phas 2), mat dem Gesamtbetrag vun 53.679,81 EUR, esou wéi dëse vun der Administration de la nature et des forêts opgestallt gouf, eestëmmeg ugeholl. D'staatlech Bedeelegung, déi der Gemeng heibäi am Géigenzuch zouzeweisen ass, läit bei 42.943,85 EUR.

13. Punktuell Ännerung vun der allgemenger Gemengeveruerdung

De Gemengerot huet entscheet, den Artikel 10 vun der allgemenger Gemengeveruerdung vun der Gemeng Lenneng vum 16. Mee 2017 follgendermoossen ze änneren:

Art. 10.-

„D'Benotze vu Knupperten an/oder aneren explodéierende Géigestänn ass an der Reegel um Gebitt vun der Gemeng Lenneng verbueden.

De Buergermeeschter kann awer änlech Aktivitéiten op ausdrécklech a begrënnt Ufro fir öffentlech oder privat Feiere geneemegen.

Déi entspriechend Ufro muss, fir zoulässeg ze sinn, onbedéngt op mannst 30 Deeg virum Datum vum geplangten Evenement bei der Gemengeverwaltung agoen, an zwar schrëftlech.“

14. P.A.P. „rue Hiel“ zu Kanech – Festleë vun der Ausgläichsentschiedegung

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, ergänzend zu senger Entscheedung vum 5. März 2018, am Kader vum besonnesche Bauprojet (P.A.P.) „rue Hiel“ zu Kanech op eng Ausgläichsentschiedegung fir d'Fläch, déi méi kleng ewéi e Véierel ass, ze verzichten, well d'Gemeng net an der Lag ass, Terrainen a Proximitéit vum P.A.P. ze kafen, fir déi an Artikel 3, Paragraf 2, vum ofgeännerte Gesetz vum 19. Juli 2004 virgesinn Aarbechten am Zesummenhang mam kommunale Raumplang an der Stadentwécklung duerchzeféieren, oder aner urbanisteschesch Moosnamen am Interessi vum entspriechende P.A.P. ze finanzéieren.

15. Projet d'abrogation du plan directeur sectoriel « décharge pour déchets inertes »

• Avis

Monsieur le Bourgmestre a proposé de reporter ce point de l'ordre du jour à une séance ultérieure, puisque les délais de réclamation n'ont pas pu démarrer à cause de la situation actuelle de la pandémie COVID-19.

16. Approbation des comptes communaux de l'exercice 2018

Le Conseil Communal a décidé à l'unanimité d'arrêter provisoirement le compte administratif de la Commune de Lenningen de l'exercice 2018 dressé par le Collège des Bourgmestre et Échevins en date du 4 juin 2019, vérifié et avisé par la Direction du Contrôle de la Comptabilité communale le 11 février 2020.

Le Conseil Communal a décidé à l'unanimité d'arrêter provisoirement le compte de gestion de la Commune de Lenningen de l'exercice 2018 dressé par le receveur communal en date du 4 juin 2019, vérifié et avisé par la Direction du Contrôle de la Comptabilité communale le 11 février 2020.

17. Présentation du plan pluriannuel de financement (P.P.F.) communal

Le Conseil Communal prend note du plan pluriannuel de financement (P.P.F.) 2020, version initiale, élaboré et présenté par les soins du Collège des Bourgmestre et Échevins et invite ce dernier de bien vouloir transmettre le document dont question au Ministère de l'Intérieur-Direction des Finances communales endéans les meilleurs délais.

18. Approbation d'un nouveau crédit

Le Conseil Communal a approuvé à l'unanimité d'inscrire un crédit nouveau en vue de comptabiliser les dépenses occasionnées dans le cadre de la crise sanitaire COVID-19 au montant total de 100.000 EUR en vue de l'acquisition des masques chirurgicaux pour toute la population de la Commune de Lenningen et pour le personnel de sa commune ainsi que des bornes de gels désinfectants pour les bâtiments communaux et scolaires.

19.a) Informations aux conseillers communaux

Monsieur le Bourgmestre a informé le Conseil Communal que la distribution des masques pour tous les citoyens de la commune de Lenningen a même été réalisée avant 18h30 le vendredi dernier, 8 mai 2020.

15. Entworf fir d'Ophiewe vum sektorielle Bauausféierungsplang „Deponie fir Inertoffäll“

• Avis

Den Här Buergermeeschter huet virgeschloen, dëse Punkt vun der Dagesuerdnung op eng spéider Sëtzung ze verleeën, well d'Reklamatiounsdelaié wéinst der aktueller Situatioun duerch d'COVID-19-Pandemie net ulafe konnten.

16. Geneemegung vun de Gemengekonte vum Exercice 2018

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss den administrative Kont vun der Gemeng Lenneng vum Exercice 2018, dee vum Buergermeeschter-Schäfferot mat Datum vum 4. Juni 2019 virbereet a vun der 'Direction du Contrôle de la Comptabilité communale' den 11. Februar 2020 iwwerpréift an aviséiert gouf, provisoersch guttzeheeschen.

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss de Gestionskont vun der Gemeng Lenneng fir den Exercice 2018, déi vum Gemengereceveur mat Datum vum 4. Juni 2019 virbereet a vun der 'Direction du Contrôle de la Comptabilité communale' den 11. Februar 2020 iwwerpréift an aviséiert gouf, provisoersch guttzeheeschen.

17. Presentatioun vum méijärege Gemengefinanzéierungsplang (P.P.F.)

De Gemengerot hält de méijärege Gemengefinanzéierungsplang (P.P.F.) 2020 an der ursprénglecher Fassung zur Kenntnis, déi vum Buergermeeschter-Schäfferot ausgeschafft a presentéiert gouf, a biet dësen dat entspreichend Dokument dem Ministère de l'Intérieur-Direction des Finances communales esoubal wéi méiglech zoukommen ze loossen.

18. Bewëllege vun engem neie Kredit

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss en neie Kredit vun 100.000 EUR opzehuelen, fir déi am Kader vun der COVID-19-Kris verursaacht Ausgaben ze verbuchen, déi fir de Kaf vu chirurgesche Maske fir all Awunner vun der Gemeng Lenneng an d'Personal vun der Gemeng, souwéi vun Desinfektioungsgeldpendere fir Gemengen- a Schoulgebaier, entstane sinn.

19.a) Informatiounen fir d'Gemengeconseillere

Den Här Buergermeeschter huet de Gemengerot informéiert, datt d'Verdeelung vun de Masken un all d'Bierger vun der Gemeng Lenneng de leschte Freiden, 8. Mee 2020, scho virun 18h30 ofgeschloss gouf.

Madame Bellot a informé le Conseil Communal au sujet de la nouvelle organisation scolaire relative à la pandémie du COVID-19.

Plusieurs réunions ont été réalisées avec les responsables de la Maison Relais et la Présidente du Comité de l'École de l'Enseignement fondamental.

Les classes ont été réparties en deux groupes, à voir A et B, comme imposé par le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.

Le service technique a été chargé de la mise à disposition des gels désinfectants et du mobilier nécessaire pour les différentes salles de classe.

Monsieur Thill a informé les membres du Conseil Communal que les associations et clubs culturels et sportifs pourront de nouveau organiser des réunions au Centre culturel et sportif « A Wëllems » ainsi qu'à la salle des fêtes à Lenningen.

Les mesures de sécurité et d'hygiène nécessaires seront maintenues.

19.b) Rapports des délégués dans les différents syndicats intercommunaux

- Pas de rapport présenté.

20. Questions des conseillers communaux au Collège des Bourgmestre et Échevins

Question concernant l'état actuel du dossier « Leesbiërg » à Lenningen.

Question concernant l'avancement du projet « BIOTONNE » du SIGRE.

21.a) Démission d'une employée communale relevant du service d'éducation et d'accueil pour enfants

Le Conseil Communal a décidé à l'unanimité d'accorder démission à Madame Hartmann-Novalic de ses fonctions d'éducatrice diplômée au service d'éducation et d'accueil pour enfants de la Commune de Lenningen à partir du 1^{er} avril 2020.

21.b) Démission d'une employée communale relevant du service d'éducation et d'accueil pour enfants

Le Conseil Communal a décidé à l'unanimité d'accorder démission à Madame Mousel-Poos de ses fonctions d'aide-éducatrice au service d'éducation et d'accueil pour enfants de la Commune de Lenningen à partir du 1^{er} octobre 2020 aux fins de bénéficier à partir de cette date d'une pension de vieillesse en conformité des dispositions légales et réglementaires régissant la matière.

D'Madame Bellot huet de Gemengerot iwwer déi nei schoulesch Organisatioun am Zesammenhang mat der COVID-19-Pandemie informéiert.

Et goufen e puer Versammlunge mat de Verantwortleche vun der Maison Relais an der Presidentin vum Comité de l'École de l'Enseignement fondamental ofgehalen.

D'Klasse goufen, wéi vum Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse gefuerdert, an zwou Gruppen agedeelt (A a B).

Den techneschen Déngscht gouf mat der Bereetstellung vun Desinfektionsgel an dem noutwennige Miwwel fir déi verschidde Kllassesäll beoptraagt.

Den Här Thill huet d'Membere vum Gemengerot informéiert, datt d'Kultur- a Sportveräiner a -clubb erëm Versammlungen am Kultur- a Sportzenter „A Wëllems“ an och am Festsall zu Lenneng organiséiere däerfen.

D'Sécherheets- an Hygiènesmoosname gi bäibehalen.

19.b) Berichter vun den Delegéierten an de verschiddene Gemengesyndikater

- Kee Bericht virgeluecht.

20. Froe vun de Gemengeconseillere(n) un de Buergermeeschter-Schäfferot

Fro iwwer den aktuelle Stand vum Dossier „Leesbiërg“ zu Lenneng.

Fro iwwer de Fortgang vum Projet „BIOTONNE“ vum SIGRE.

21.a) Demissioun vun enger Gemengenemployée, déi am Service d'éducation et d'accueil fir Kanner tätég ass

De Gemengerot huet eestëmmeg entscheet, der Madamm Hartmann-Novalic hir Demissioun vun hirer Funktioun als diploméiert Éducatrice am Service d'éducation et d'accueil fir Kanner vun der Gemeng Lenneng zum 1. Abrëll 2020, unzehuelen.

21.b) Demissioun vun enger Gemengenemployée, déi am Service d'éducation et d'accueil fir Kanner tätég ass

De Gemengerot huet eestëmmeg entscheet, der Madamm Mousel-Poos hir Demissioun vun hirer Funktioun als Aide-éducatrice am Service d'éducation et d'accueil fir Kanner vun der Gemeng Lenneng zum 1. Oktober 2020, unzehuelen. Si kritt vun deem Datum un eng Alterspensioun am Aklang mat den entspreche(n)de Rechts- a Verwaltungsvirschrëften.